

Naturaktivitéite fir Schoulklassen

*Offer vun den Naturschutzzenteren
vun der Naturverwaltung*

Programm 2021/2022

© CNF A Wiewesch



„D’Natur nei erliewen“

D’Haaptaufgabe vun der Naturverwaltung sinn nieft der Gestiou vum eise Bëscher an Naturschutzgebitter, de Public fir den Naturschutz an en nohaltege Verbrauch vun natierleche Ressourcen ze sensibiliséieren.

Dëser Aufgab stellen sech d’Naturschutzzenteren vun der Administration de la nature et des forêts mat enger erfinesorientierter Offer fir Naturaktivitéiten. Mat Beweegung, Spill, Kreativitéit, Teamgeescht a Stimulatioun vun de Sënner gëtt d’Bewosstsinn an d’Verantwortung vun de Participante gestärkt.

Eis 5 Naturschutzzenteren





© Patrick Logé

Iwwersiicht

A Wiewesch 4

Naturschutz & Landwirtschaft	5
Natur erliewen	10
Bësch	14
Mënsch & Natur	15
Team Building	16

Biodiversum 18

Liewensraum Fiichtgebitt	19
Natur erliewen	21
Bësch	23
Mënsch & Natur	24
Team Building	26

Burfelt 27

Konscht, Kultur & Natur	28
Natur erliewen	29
Bësch	31
Mënsch & Natur	33
Team Building	36

Ellergronn 38

Natur erliewen	39
Bësch	42
Mënsch & Natur	44
Team Building	46

Mirador 48

Konscht, Kultur & Natur	49
Natur erliewen	51
Bësch	56
Mënsch & Natur	58
Team Building	61



A Wiewesch

Am Häerz vu Manternach, ëmginn vu Felder, Weeden a Bongerte läit den Naturschutzzentrum A Wiewesch. An der eemoleger Scheier an de Ställ vum Bauerenhaff ass eng interaktiv Ausstellung, zum Thema Naturschutz & Landwirtschaft. An dëser interaktiver Ausstellung gëtt op eng flott Aart a Weis gewisen, datt Landwirtschaft, Naturschutz an eng gesond Ernierung zesammenhängen an och ënnert anerem eis Klima beaflossen.

Nieft dem pedagogesche Gaart A Wiewesch, luet déi schéi Kulturlandschaft jiddereen an, fir op eisen didaktesche Weeër spadséieren ze goen, oder un eise sëllegen Aktivitéiten oder Workshopen deel ze huelen.

- ⌚ D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- ⊕ Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei. E Picknick ka matbruecht ginn.
- i All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttespaus an eiser Grillhütt verbonne ginn.



Infoen an Umeldung

A WIEWESCH

12, Syrdallstrooss

L-6850 MANTERNACH

Tél: 247-56503

awiewesch@anf.etat.lu

Naturschutz & Landwirtschaft



© CNF-A Wiewesch

Mëllec vum Bauerenhaff



Mëllec ass ee Grondnahrungsmëttel dat mir all kennen, mee wou kënnt d'Mëllec eigentlech hir a wat kann een alles aus Mëllec maachen? Mir besichen de Bio-Bauerenhaff zu Manternach.

Eng spannend Kanneraktivitéit bei där och déi Erwuesse vill Neits gewuer ginn.

Cycle	1.1	3.1	
	Oktober bis Mäerz vun 9 bis 12 Auer		
	A Wiewesch-Mataarbechter		



Viz Aktioun

Cycle	1.1	4.2
	Am Oktober vun 9 bis 14 Auer	
	A Wiewesch-Mataarbechter	



Mir ginn zesummen Äppel rafen a léiere bei dëser Geleeënheet de Bongert besser kennen. Duerno maache mir Viz mat den Äppel a schmaachen deen och direkt zesummen. An eiser Kiche bake mir mat eiser gudder Fee Christiane een Äppelkuch.

All Kand kann eng Fläsch matbréngen (max. 1 Liter) wou mir Viz afëlle kënnen.

Komm mat an d'Gromperen

Cycle	2.1	4.2
	Abrëll bis Juli ab 9 Auer	
	A Wiewesch-Mataarbechter	



Dës spannend Aktivitéit besteet aus 2 Deeler. Am Abrëll ginn d'Grompere gesat, ugangs Juli gi se erausgeholl. Als Belounung gëtt et duerno ee gudd selwergemaachene Gromperemenü. Fir méi Informatiounen oder Froe sti mir lech gär zur Verfügung.

Komm mat an eise Gaart

NEI

Cycle	2.1	4.2
	Abrëll bis Oktober vun 9 bis 12 Auer	
	A Wiewesch-Mataarbechter	




Leckert a lokaalt Geméis aus eisem eegene Gaart. Wéi gestalte mir eisen eegene Geméisgaart? Mir entdecken déi verschidden Aarbechten am Biogaart. Mir plangen, séien, rappen Onkraut a schmaachen alles wat mir ugeplazt hunn. All Mount ginn et aner Aarbechten déi gemaach musse ginn.



Net just Hunneg am Kapp!

Cycle	1.1	4.2
	Abrëll bis Juli	
	A Wiewesch-Mataarbechter	



Zesummen ënnersiche mir ee Beiestack.

Wou kënt den Hunneg hier? Wien iwwerhëlt wéi eng Aufgab am Beiestack? Wéi wichteg sinn d'Hunnegbeien, d'Wëll Beien an d'Bommele fir eis Mënschen?

Komm, mir fannen dat zesummen eraus.

Frëscht Brout

Cycle	1.1	3.1
	Ganzjäreg	
	A Wiewesch-Mataarbechter	



Vum Kär bis zum Brout: muelen, knieden, baken.

Eng beléift Kanneraktivitéit iwwer déi bal verschwonne Konscht vum Broutbaken.

Wanderung, Naturschutz & Landwirtschaft



Cycle	2.2	Lycée
	Ganzjäreg	
	A Wiewesch-Mataarbechter	

Wéi kënnen mir d'Natur schützen an eppes fir d'Klima maachen? Mir entdecken op eiser Wanderung (Léierpad Manternach-Lelleg) wéi Naturschutz a Landwirtschaft Hand an Hand ginn a firwat et sou wichteg ass mat verschiddenen Acteuren zesummen ze schaffen. Uschléissend kann eng Féierung duerch d'Ausstellung Naturschutz a Landwirtschaft ugebuede ginn.



Naturschutz um Teller

Cycle

2.2

Lycée



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter



Wéi kënne mir mam Choix vun eisem lessen d'Natur schützen? Wou kommen eis Banannen hier a wéi gi se ugeplant? Mir kucken eis u wat fir Liewensmëttel lokal produzéiert ginn a versichen ze verstoe wat nohalteg Ernierung bedeit. Natierlech schmaache mir och lecker lokal Produiten.



Buedem - gesonde Buedem, gesond lessen!

NEI

Cycle

1.1

Lycée



Mäerz bis Oktober



A Wiewesch-Mataarbechter

Buedenschutz, eng Eerausfuerderung fir d'Biodiversitéit ze erhalen an eis Ëmwelt ze schounen. Et gëtt vill verschidde Biedem an alleguer erzielen se eng aner Geschicht. Mat Hëllef vun Experimenter a Beobachtungen entdecke mir wéi villfälteg d'Liewen ënner der Uewerfläch ass.





Vum Schof bis zur Woll

NEI



Cycle 1.1 4.2



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter



© CNFA Wiewesch

Wéi leeft ee Schof a wéi kann de Mënsch ee Schof notzen? Mir besichen eis zwee Schof an entdecken wat mir alles mat hirer Woll maache kënnen.



© CNFA Wiewesch

Op Besuch um Bauerenhaff

NEI



Cycle 2.1 4.2



Ganzjäreg just mëttwochs



Famill Clemens



© CNFA Wiewesch

Mir besichen de Bauerenhaff vun der Famill Clemens vu Lelleg. Do kréie mir gewisen, wou eis Liewensmëttel hierkommen a mir erliewen den Zesummenhank tëscht Naturschutz a Landwirtschaft.

Dës Aktivitéit dauert 3-4 Stonnen.



Natur erliewen



Wëll Déieren zu Lëtzebuerg

Cycle

1.1

4.2



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter

Wie leeft an eise Bëscher?

Wëll Déiere waarden op dech. Erkenns du hir Spueren?

Op Ufro besteet d'Méiglechkeet, déi opgestoppten Déiere selwer auszewielen.



Fräsch & Co

NEI



Cycle

1.1

4.2



Mee bis Juli



A Wiewesch-Mataarbechter



Wat leeft am an um Weier?

Mir dauchen an an d'Welt vun den Amphibien an Insekten.

Dobäi léiere mir allerhand iwwer d'Liewen an d'Iwwerliewen am Weier.

Schleeken



Cycle

1.1

2.2



Abrëll bis September



A Wiewesch-Mataarbechter

Uereg Déiere vu ganz ganz fréier.

Wéi liewen si, wat maache si am Wanter a wat erziele si eis iwwer d'Entwécklung vun der Äerd?

Eng spannend a léierräich Aktivitéit (net nëmme fir Kanner)!





Wëll Beien a Biodiversitéit

NEI



Cycle

1.1

3.1



Abrëll bis Juli



A Wiewesch-Mataarbechter

Mir maachen eng Entdeckungsrees an d'Welt vun de wëlle Beien, kucken den Ënnerscheed zur Hunnegbei, gesi vu ganz no wéi d'wëll Beien hir Näschter bauen, vu wat si sech ernären, wéi wichteg si fir eis Natur sinn a wat mir alles maache kënnen fir si ze schützen.



© Chantal Sinner

Insektesafari

NEI



Cycle

1.1


2.2



Mee bis August



A Wiewesch-Mataarbechter



© Chantal Sinner

Mir maachen een Ausflug an d'Welt vun den Insekten.

Mir ginn duerch ee Labyrinth a fänke mat der Becherlupp Insekten fir eis se genee unzekucken an duerno nees fräizeloossen.





Natur mat alle Sënner

Cycle 1.1 4.2



Abrëll bis November



A Wiewesch-Mataarbechter



© Olivier Molitor

Mir richen, schmaachen a lauschteren eis
spilleresch duerch d'Natur.

Mir léiere méi genee ze kucken fir ëmmer
nees eppes Neies ze entdecken an ze verstoen.



© CNFA Wiewesch

Erliefniswanderung Manternacher Fiels

NEI

Cycle 2.1 4.2



Ganzjäreg vun 9 bis 12 Auer




A Wiewesch-Mataarbechter

Um Léierpad Manternacher Fiels, am
gréisste Schluchtbësch vu Lëtzebuerg entdecker
mir seelen Aarte wéi z.B. Hirschzong-Farn an den
Äisvull.

Wa mir achtsam duerch d'Géigend ginn, fanne mir,
ofhängeg vun de Joreszäiten, och nach seelen
Orchideeën oder Champignonen.



Bësch



© CNF A Wiewesch

De Bësch mat senge Funktiounen



Cycle



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter

Firwat ass de Bësch esou wichteg fir eis? A firwat ass et esou wichteg de Bësch ze schützen an ze erhalen?

Mir entdecken, wéi Naturschutz a Bëschbewirtschaftung Hand an Hand goe kënnen.

Mir erfuerschen déi verschidde Funktiounen vun engem Bësch, sinn aktiv an der Natur a bauen eisen eegene Waasserfilter.

Waldbaden mat Kanner



NEI

Cycle



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter

Mir dauchen an an d'Atmosphär vum Bësch. Mir schrauwen d'Vitesse zréck an entspannen eis vum Alldag, fir dass mir eis erhuele kënnen.

Mir verbréngen Zäit am Bësch mat näischt maachen an d'Natur spieren.

Fir dat Gefill ze verstärke maache mir Otemübungen a Yogaübungen fir eis ze beweegen an opzewiermen.



Mënsch & Natur



© CNF A Wiewesch

Wëll Kraider schmaachen



Cycle

2.2

4.2



20. Abrëll bis 10. Juli



A Wiewesch-Mataarbechter

Mir leiere 5 Kraider kennen, déi mir och selwer erëm fanne kënnen.

Op engem Spadséiergang sammele mir wëll Kraider, preparéieren domadder lecker Spezialitéiten a bereeden eis e gudden Téi zou.

Urban Farming - d'Stad als Beet

NEI



Cycle

3.1

4.2



Mäerz bis Juni vun 9 bis 12 Auer



A Wiewesch-Mataarbechter

Mir setzen eis mam Wunn- a Liewensraum vun de Schüler/-innen am Zesummenhank mat Stadgäert auserneen.

Mir léieren d'Grondlagen a Beispiller vum „Urban Farming“ kennen an domadder och nei Perspektive fir den Ubau vu Liewensmëttel.

Mir bauen eng Kraiderkëscht fir de Balcon oder d'Fënsterbriet.



Team Building



Erliefnis Wildnis



Cycle

3.1

4.2



Ganzjäreg vun 9 bis 15 Auer



A Wiewesch-Mataarbechter

Kloteren, mam Holz wierkelen, Feier maachen, Spuere liesen a spillen am Bësch fir dass d'Klass als Team gestärkt gëtt a sozial Fäegkeete gefërdert ginn.

Während engem spannenden Dag voller Abenteuer weise mir iech, de gerechten Ëmgang an a mat der Natur. Dat Abenteuer erstreckt sech iwwer de ganzen Dag, kachen um Feier abegraff.



Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Cycle

1.1

4.2



Ganzjäreg



A Wiewesch-Mataarbechter

Dat passend Thema ass net dobäi?

Gäre schneidere mir ärer Klass och eng individuell Aktivitéit zesummen.

Nennt eis äert Thema oder äre Interessen a mir stellen iech déi passend Naturaktivitéit ganz no äre Bedürfnisser oder passend zu ärem Schoulprogramm zesummen.

(Rallye, Orientéierungslaf, thematesch Wanderung asw.)



Zousazinfo

All eis Aktivitéite sinn dem Niveau vum Schoulprogramm ugepasst a kënnen un d'Interesse vum Léierpersonal an de Schüler ugepasst ginn.

Suergt w.e.g. dofir dass d'Kanner ëmmer Gezei unhu wat dem Wieder ugepasst ass an och fest Schong.

All Aktivitéit kann op Ufro mat enger Mëttegpaus mat Grillen an eisem Gaart verbonne ginn.

Fir weider Informatiounen an Umeldunge steet iech d'Ekipp vun **A Wiewesch** gären zur Verfügung.

All eis Aktivitéite sinn un déi jeeeweils aktuell zu Lëtzebuerg virgeschriwwen sanitär Corona-Mesuren ugepasst.



Biodiversum

Den Naturschutzzenter Biodiversum am wonnerschéinen Haff Réimech invitéiert de Visiteur, d'Veiälfalt vun der Natur vum Gebitt ze entdecken.

Aus dem deemolege Kiselstengofbauebitt ass e vun de schéinsten an ökologesch wäertvollste Fiichtgebitter ze Lëtzebuerg ginn.

An der interaktiver Ausstellung vum Naturschutzzenter gëtt de Visiteur ënner anerem alles iwwer d'Geschicht vum Museldall, de Liewensraum Weier, de Vullenzuch an d'Wichtegkeet vun der Biodiversitéit gewuer.

D'Haaptaufgab vum Zenter ass d'Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet wéi och vu Schouלקlassen am Beräich Nohaltegkeet, Natur- an Aarteschutz.



D'Unzuel vun de Participanten hänkt vun den aktuelle sanitäre Mesuren of. Informéiert lech w.e.g. am Viraus bei eis.



Eis Aktivitéite fanne vir- an nomëttes statt an daueren op mannst 2 ½ Stonnen.



Denkt w.e.g. u gutt Schong an dem Wieder ugepasst Gezei.



Op Ufro kënnen eis Aktivitéiten ugepasst oder kombinéiert ginn.



BIODIVERSUM

CENTRE NATURE ET FORÊT
NATURSCHUTZZENTRUM

Infoen an Umeldung

BIODIVERSUM

5, Bréicherwee

L-5441 REMERSCHEN

Tél: 247-56533

biodiversum@anf.etat.lu



Entdeckungstour Haff Réimech

Cycle	2.1 4.2
	Ganzjäreg
	Biodiversum-Mataarbechter

Kommt mat op eng Entdeckungsrees duerch d'Weiergebitt Haff Réimech!

Wéi sinn d'Weieren entstanden? Firwat ass et elo e Schutzgebitt? A wien leeft hei iwwerhaupt?

Zu all Joreszäit gëtt et eppes anesches ze entdecken!

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ Stonnen (klengen Tour) oder 3 ½ Stonnen (groussen Tour), mat Picknick méi laang.



A number line is shown with tick marks at every integer from 0 to 5. A grey bar is drawn from 3.1 to 4.2. The value 3.1 is written above the bar at its left end, and 4.2 is written above the bar at its right end.



Zesumme léiere mir d'Ënnerwaasserwelt vum Haff
Réimech kennen!

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

A horizontal number line with tick marks. A solid dot is placed at the value 1.1, and an open circle is placed at the value 2.2. The region between 1.1 and 2.2 is shaded with a light gray color, indicating the solution set for the inequality.



Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Natur erliewen

Déi grouss Rees vun de Vullen

Cycle

3.1

4.2



Abrëll bis Mee a September bis Oktober



Patric Lorgé

Eemol Afrika an zeréck!

Wouhi verschwanne sou vill Vullen am Wanter?
Wéi fanne si hire Wee? Wéi eng Geforen an
Hindernisser musse si iwwerwannen? A firwat hu
verschidde Villercher e Rank um Fouss?

Dës a weider Froe beäntwere mir zesummen a
jee no Wieder, hu mir vläicht souguer
d'Méiglechkeet, engem Ornitholog beim
Beréng vum engem Vull iwwer d'Schëller ze
luussen.



Vullestëmmen



Cycle

3.1

Lycée



Mëtt Mäerz bis Mëtt Juli vun 8³⁰ bis 11³⁰



Marc Schweitzer

D'Zil vun dëser origineller Aktivitéit ass et, de
Kanner d'Vullestëmmen méi no ze bréngen.

Dat maache mir matzendran am
wichtigste Vulleschutzgebitt zu Lëtzebuerg.

Mir erkennen a beschwätzen déi verschidde
Funktione an Téin vum Vullegesank a vum
Vulleruff.

D'Spiller, d'Atelieren an d'Erklärung ginn dem
Niveau vum der Schouklass ugepasst.



Eeër an Näschter

Cycle

1.1

2.2



2. Abrëll bis 31. Mee



MNHN- & Biodiversum-Matarbeechter

Wou kommen déi kleng Jippelcher hir?

Baut all Vull e Nascht? Wat maache si de ganzen Dag? A firwat sange si iwwerhaapt?

Op spilleresch Manéier entdecke mir heemesch Vullenaarten a léieren hir Gewunnechten, hir Näschter an Eeër kennen.

Mir baue souguer en eegent Nascht fir mat heem ze huelen.

Vulle-Ralley

NEI

Cycle

1.1

4.2



Ganzjäreg



Biodiversum-Matarbeechter

Mir sichen zesummen no Vullen am Fiichtgebitt.

Dobäi gi mir dorop an, wéi eng Ënnerscheeder déi verschidde Vullenaarten hunn, wéi si liewen, wat si friessen a wat mir kënnen maachen fir si ze schützen.

Bréngt w.e.g. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat.

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.



© Raymond Gloden



Bësch



Kommt mat an de Bësch

NEI

Gemeinsam gi mir op Entdeckungsrees duerch de Bësch. Spilleresch erliewe mir, wat hien alles ze bidden huet, wat hie fir eis mécht a wéi mir hie schütze kënnen. Bei dëser Aktivitéit gëtt et ni langweileg!

Bréngt w.e.g. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat.

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Cycle

1.1

2.2



Abrëll bis September



Biodiversum-Mataarbechter

Déieren am Bësch

NEI

Mir ginn op Spueresich an de Bësch. Jee no Joreszäit wäerte mir aner Déieren entdecken an eis hire Liewensraum ganz genee ukucken. Mat vill Spaass an och Spiller léiere mir d'Welt vun den Déiere kennen a verstinn hir Wichtigkeet fir de Bësch a fir eis.

Bréngt w.e.g. Bëschkleeder, Bëschschong an e Picknick mat.

Dës Aktivitéit dauert 2 ½ bis 3 Stonnen.

Cycle

3.1

4.2



Abrëll bis September



Biodiversum-Mataarbechter



Mënsch & Natur



© CNF Biodiversum

Archeologesch Entdeckungsrees duerch den Haff Réimech

NEI

E Paradäis aus Mënschenhand

Den Haff Réimech ass e klengt Paradäis, dat aus Mënschenhand erschaf gouf. Op dëser Tour léiere mir, wéi déi éischt Mënschen am Gebitt ronderëm de Biodiversum gelieft a wéi si d'Natur verännert hunn. Eis Entdeckungsrees erstreckt sech vun der Jongsteenzäit bis an eis Zäit.

Cycle

4.1 4.2



Mee bis August



Biodiversum-Mataarbechter



Schätz, Schierbelen, Schanken a méi...



Cycle 2.1 4.2



Ganzjäreg



Biodiversum-Mataarbechter

Detektive vun der Vergaangenheet

Wat maachen Archeologen a wéi schaffen si?

Mir sichen an der Ausgruewungskëscht no Bijouen,
Keramik a Schanken an erfuerschen déi spannend
Geschicht vun de Mënschen am Haff Réimech
tëschent der Steenzäit an dem Mëttelalter.

Wat wäerten d'Leit wuel vun eis an dausend Joer
fannen?

Eng Welt voll Plastikknascht



Cycle 4.1 4.2



Ganzjährig



Pins asbl

Wat ass Plastik? Firwat ass Plastik esou beléift? Wat
ass Mikroplastik?

Zil vun där Aktivitéit ass et, nieft der
Wëssensverméttlung e Bewosstsinn fir eise
Kunststoffkonsum, de Ressourcëverbrauch,
d'Ëmweltbelaaschtung a fir nowuessend Materialien ze
erschaffen.

2 Stonnen, 120€ / Stonn





Team Building

Schatzsich am Haff Réimech

NEI

Virun dausende vu Joren hunn d'Kelten hei am Haff Réimech e Schatz verstoppt. Elo ass et un der Zäit, den ze sichen. Mee just déi Kanner, déi sech ganz gutt mat der Natur auskennen, si schützen an all Spiller a Rätsel packen, just déi kënnen de Schatz fannen.

Verrot de Kanner w.e.g. näischt vun der Schatzsich am Viraus mee erzielt hinne just vun enger Excursioun am Naturschutzgebitt.

Bréngt w.e.g. dem Wieder ugepasst Gezei a Schong mat.

Dës Aktivitéit dauert je no Cycle ouni Picknick 2 ½ bis 3 ½ Stonnen.

Cycle 2.1 4.2



Abrëll bis Oktober



Biodiversum-Mataarbechter





Burfelt

De Naturschutzzentrum läit bei eisem schéine Stauséi un der Uewersauer. De Stauséi sou wéi di typesch Éisleker Koppen a Louhecke prägen dës Géigend. Duerch di roueg a wonnerschéi Landschaft fanne Visiteuren den direkte Wee zu der Natur. Am Gebai aus dem 18te Joerhonnert fannt dir eng interaktiv Ausstellung. Dës dréint sech ëm de Bësch an all seng Funktiounen souwéi d'Bezéiung vum Mënsch zum Bësch an erkläre wat eisen ökologesche Fossildrock bedeit. All eis pedagogesch Aktivitéiten sinn op dem "BNE" Prinzip opgebaut.

- ⌚ D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- 🕒 All eis Aktivitéiten daueren op mannst 3 Stonnen. Eenzel Aktivitéiten ginn iwwer e ganzen Dag.
- ⊕ W.e.g. matbréngen: gutt Schong fir an de Bësch, dem Wieder ugepasst Gezei a Verfleegung.
- 📍 Ee Grill steet zu ärer Verfügung.



Infoen an Umeldung

BURFELT


1 Burfelt

L-9660 INSENBORN

Tél: 247-56521 / 247-56525

burfelt@anf.etat.lu

Konscht, Kultur & Natur



© CNF Burfelt

Konscht am Bësch



Cycle 1.1 4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

D'Verbindung vu Konscht an Natur sprécht all Sënner vum Mënsch un a féiert zu engem onvergiesslechen Erleefnes. De Bësch liwwert eng Vilfalt un natierlech Produkter, dëst gëtt de Kanner pedagogesch vermëttelt andeems se selwer sammelen an domadder Konschtwierker duerstellen.

Lou-Schläissen – Wat huet d'Eescheschuel mat Lieder an Tënt ze dinn?




Cycle 3.1 4.2



Mee bis Juni



Burfelt-Mataarbechter



© CNF Burfelt

Duerch d'Lou schläissen de Wäert vun de Louhecken an hir kulturhistorisch Bedeitung méi no bréngen andeems d'Schüler selwer eng Hand mat upaken. Entdeckt mat eis, wéi kreativ ee mat der Lou schaffe kann.



© CNF Burfelt

De Kéiseker



Cycle 1.1 2.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Wat ësst de Kéiseker? Wéi leeft en zu de verschiddene Joreszäiten?

Bei dëser Aktivitéit vermëttel mir wäertvoll Informatiounen zu dësem bedroten Déier.



Villercher



Cycle

2.1

4.2



November bis Abrëll



Burfelt-Mataarbechter



© Raymond Gloden

Duerch Spiller an Experimenter erliewen d' Schüler vill Wëssenswäertes iwwert déi verschidde Vulllefamilien.



© CNV Burfelt

De Bëscher a seng Déieren



Cycle

1.1

4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Eis Bëscher sinn ee grousser Liewensraum fir vill Déierenarten. Géi mat eis op d'Spueresich a villen méi.



Bësch



© CNF Burfelt

Bësch - all inclusive

Cycle

2.2

4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Eise Bësch als Multitalent kenne léieren.

Dës Aktivitéit verbënnt Naturnotzung, Erhuelung a Naturschutz am Bësch.



De Bësch mat alle Sënner entdecken



Cycle 1.1 4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter



Mir entdecken de Bësch mat eise Sënner a begräifen duerch d'Spillen all seng Funktiounen. Dës Aktivitéit gëtt un all Altersgrupp ugepasst a soll haaptsächlech Freed an Interessi um Bësch erwächen.

Mathé am Bësch



Cycle 2.1 4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter



Vill Themen an der Mathé kënnen duerch praktesche Beispiller am Bësch konkret verdäitlecht ginn.

Bamwipfelpfad



Cycle 4.1 4.2



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Entdeckt mat eis wat de Bam an zemools seng Kroun fir wichteg Funktiounen ze bidden hunn.



Mënsch & Natur



© CNF Burfelt

Atelier Holz



Cycle

3.1

4.2



Abrëll bis Oktober



Burfelt-Mataarbechter

Unhand vu Beispiller kréien d'Schüler de Wäert vum Bësch erkläert. Zesumme mat de Kanner sichen a fälle mir ee Bam a verschaffen en bis zum fäerdege Produkt.



Survival – Iwwerliewen am Bëscher



Cycle



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Feier selwer maachen mat verschidden
Techniken, ee Läffel schnëtzen, Hütte selwer
bauen a viles méi.



Klima Challenge - Klimawandel



Cycle



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Wei een Afloss huet de Klimawandel op eis
Ëmwelt an d'Liewewiesen? Hei léieren d'Schüler
wéi eng Roll eis Bëscher beim Klimawandel
spillen a wat d'Ursaachen a Folge vun dem Ganze
sinn.
Wat kann een dergéint ënnerhuelen?



Footprint – ökologesche Foussofdrock



Cycle

4.1 Lycée



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Wat ass een ökologesche Foussofdrock?
Dëst kréien d'Schüler bei dëser Aktivitéit
erkläert a léiere wéi si dee kënnen
reduzéieren. D'lesspause sinn Deel vun der
Aktivitéit well se do hire Foussofdrock direkt virun
den Aen hunn.



© CNF-Burfelt



Team Building



© CNF Burfelt

Kooperativ Erliebnisspiller

Duerch kooperativ Spiller gëtt d'Selbstvertrauen,
Teamwork a Kommunikatioun an der
Grupp gefërdert.

Cycle

4.1 Lycée



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter



Natur - Connection

NEI

Cycle

4.2 Lycée



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Handy, sozial Medien an Internet si konstant Begleeder an eisem Alldag, och scho bei Jonker. Duerch verschidden natur- an bëschedagogesch Übungen an ouni dës Begleeder wäerte mir d'Géigend ronderëm den Naturschutz-zentrum Burfelt nei entdecken a kenne léieren. Duerch selbststänneg Gruppenaarbechte ginn di perséinlech Interesse vun de Schüler un eiser Ëmwelt an de Mëttelpunkt gestallt, mam Zil d'Relatioun tëschent Natur a Schüler ze stäerken. Dës pedagogesch Aktivitéit soll och d'Stärkung vun der Klassegemeinschaft fördern a kann an enger éischter Kenneléierphas hëllefen.



© CNF Burfelt

Eng Aktivitéit ganz no äre Bedürfnisser

Cycle

1.1

Lycée



Ganzjäreg



Burfelt-Mataarbechter

Falls fir Iech kee passend Thema dobäi ass an Dir een Thema an der Schoul behandelt, kennt Dir op Ufro eng passend Aktivitéit mat eis zesumme plangen.



Ellergronn

2 km südlech vum Stadkär vun Esch-sur-Alzette läit de Naturschutzzentrum Ellergronn, agebett tëschent Bësch an Dréchewisen am Naturschutzgebitt mam selwechten Numm. Hei trëfft alles openeen, wat de Räichtum vu Lëtzebuerger Süden ausmëscht: engersäits eng divers Natur an anerersäits de Patrimoine vun der deemoleger Eisenindustrie. Am Ellergronn ginn et niewt den naturpädagogeschen Aktivitéiten och Aktivitéiten, déi sech mat der Relatioun vu Mënsch, Natur an der Notzung vun den natierleche Ressourcë befaassen.

- ② D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 begrenzt.
- ⌂ All Aktivitéit dauert ongeféier zwou an eng hallef Stonn (moies oder mëttes).
- ⊕ Bréngt w.e.g. mat: Fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasste Kleedung.
- ⓘ Ee Grill steet Iech op Ufro zur Verfügung.



Infoen an Umeldung

ELLERGRONN

L-4114 ESCH s/ ALZETTE

Tél: 247-56516

ellergronn@anf.etat.lu



© Olivier Mollat

Op der Sich no Déierespuren

Cycle	1.1  4.2
	Ganzjäreg vu Méindes bis Freides
	Ellergronn-Mataarbechter

Pattenofdréck, ugeknabbert Nëss, e Lach am Buedem.... Wee kann dat da gewiescht sinn? Zesummen op Spueren- an Entdeckungssich bei engem Spadséiergang am Bësch.



De Weier - voller Liewen a Geschichten



Cycle	1.1  4.2
	Juni bis Juli
	Ellergronn-Mataarbechter



Dass a Gewässer och kleng Déiere liewen, ass eis bewosst. Dës Déiercher sinn einfach anzefänken an och ouni Fachkenntnesser kënnen mir si betruechten a mi no kenneléieren.

Insektesafari



Cycle	1.1  2.2
	Abrëll bis Juli
	Ellergronn-Mataarbechter



Wat krabbelt, sprénkt a flitt dann do?

Ausgestatt mat enger Becherlupp tauche mir an an d'Räich vu Kiewerlek, Päiperlek & Co a fannen dobäi eraus wat et alles Interessantes ze entdecken gëtt an där verbuergener Welt laanscht de Wee.

Wee schläimt dann do?



Cycle	1.1  2.2
	Abrëll bis September
	Ellergronn-Mataarbechter



Op all Spadséiergang am Bësch entdecken d'Kanner Schleecken an och wann se net flauscheg sinn, ass bal all Kand un dësen Déieren interesséiert. Obwuel Schleecke lues a schutzlos wierken, sinn se een Erfolgsmodell. Op spilleresch Aart a Weis gi mir de Spuere vun de Schleecken no.



Beien, déi onermiddlech Teamplayer



Cycle

2.1

4.2



Juni bis 15. Juli



Ellergonn-Mataarbechter



Wann mir eng Beiekolonie kucken, fällt eis gläich dat onermiddlecht Gesumms vun de Béien op. Bei eiser Beienaktivitéit kënnen mir si ganz genau betruechten a kenneléieren. Mir fanne raus, wissou si fir d'Mënsche liewesnoutwenneg sinn a wéi eng aussergewöhnlech Aufgabe si fäerdeg bréngen. Selbstverständlech dierfe mir och e bëssen vun deem wat d'Béien hierstellen, naschelen a schmaachen.



Flidermais - geheimnisvoll Jeeër an der Nuecht

Cycle

3.1

4.2



Ganzjäreg



Ellergonn-Mataarbechter

Si sinn Nuets ënnerwee, kënnen am däischtere gesinn an iwwer hier Liewensweis war laang Zäit wéineg bekannt. Wou liewe Flidermais, wat iesse si a firwat si si sou wichteg fir eis Ëmwelt?

Bei dëser Aktivitéit léiere mir d'Liewensweis vun de Flidermais kennen.



Bësch



De Bësch entdecken

Cycle	1.1  2.2
	Ganzjäreg
	Ellergronn-Mataarbechter

Kommt an entdeckt mat eis de Bësch mat all senge groussen a klénge Bewunner am Naturschutzgebitt Ellergronn (Esch-sur-Alzette).

Et ass iwwerraschend wat de Bësch alles ze bidden huet.



© CNF Ellergonn

De Bësch mat alle Sënner erliewen

© CNF-Elegramm

De Bësch an de 4 Joreszäiten



**eller
gronn**
Centre nature et forêt
Nature club trentin



Mënsch & Natur



Wéi Steenzäit- mënsche molen

Cycle

1.1

2.2



Ganzjäreg



Ellergronn-Mataarbechter



Wéi virun dausende vu Joren, erschafe mir
Konschtwierker mat Äerd, Steng a mat dem wat eis
d'Natur nach hiergëtt. Eis Virfare begleeten eis
beim kreative Prozess.




Cycle  2.1 4.2




De Biergbau an d'Minnenaarbechter am Ellergronn

Cycle 3.1 4.2



Féier - e Naturlement, wat faszinéiert

Cycle 3.1 4.2





Team Building



© CNF-Ellegromm

Natur-Rallye



Cycle

2.1

4.2



Ganzjäreg



Ellergonn-Mataarbechter

Bei dëser Rallye ass d'Erliefnis vun der Natur dat Wichtigst. Mat schaarken Aen a gespëttem Bläistëft entdecken d'Kanner wat de Bësch ons bäibréngen kann.



Bëscholympiad



Cycle

1.1

2.2



Ganzjäreg



Ellergronn-Mataarbechter



© CNF Ellergronn

Du fënns de Bësch langweileg? Eis Bëscholympiad wäert dech vum Géigendeel iwwerzeegen!
Du an deng Klass triede géint eis Profien aus der Déierewelt un.

Challenge am Ellergronn 1.0



Cycle

4.1

4.2



Ganzjäreg



Ellergronn-Mataarbechter

An enger Grupp Aufgabe bewältegen, déi mir nëmmen zesummen als Grupp packe kënnen, dat schweesst eis zesummen. Mir hunn an engem ongewinnte Kader Spaass a léieren eis esou als Grupp besser kennen. D'Zil ass dass d'Klass an engem geschützten Ëmfeld zu engem Team zesummewuesse kann.

Dës Aktivitéit dauert op mannst 3 Stonnen.

Schatzsich am Ellergronn (Ouni Begleeder!)

NEI



Cycle

1.1

2.2



Ganzjäreg



Ouni Begleeder

Enger So no hu viru laanger Zäit Minnenaarbechter ee Schatz am Ellergronn verstoppt, deen nach ëmmer net fonnt ginn ass... Bréngt Dir et fäerdeg dëse Schatz ze fannen?



Mirador

De Naturschutzzentrum Mirador ass an engem fréieren Industriegebai zu Stengefort ënnerbruecht.

Den Ofbau vum Sandsteen, Holz an Äerz huet d'Regioun laanscht d'Äisch verännert. Mëttlerweil huet sech d'Natur nees hier Platz zeréck geholl, d'Planzen an Déieren hunn hei en neit Doheem fonnt. Spueren vun der Industriegeschicht an de Leit déi se geprägt hunn, sinn awer nach op Schratt an Tratt ze begéinen.

D'Aktivitéiten déi de Mirador ubitt erméiglechen de Kanner eng aner Vue op d'Natur ze kréien a maachen se mat hirer Einfachheet an der Schéinheet vertraut.

- ② D'Unzuel vun de Participanten ass op 20 limitéiert.
- Ofmeldungen mussen spëtstens 24h virun der Aktivitéit per Mail oder Telefon erakommen.
- ⊕ W.e.g. fest Schong, Verfleegung an dem Wieder ugepasst Gezei matbréngen.
- ⓘ Treffpunkt fir déi meeschten Aktivitéiten ass den Naturschutzzentrum Mirador.



Infoen an Umeldung

MIRADOR

1, rue Collart

L-8414 STENGEFORT

Tél: 247-56541

mirador@anf.etat.lu



Bësch a Konscht

Cycle **1.1** 4.2



Mäerz bis November



Mirador-Mataarbechter

Wat Konscht an Natur verbënnt ass hier Schéinheet an d'Bewonnerung déi se kréien. Bei dëser Aktivitéit kreéiere mer zesumme Konschtwierker aus Materialien déi mir am Bësch sammelen. Mer schaffe mat Holz, Steng, Blummen, Buedem an natierlech eisen Hänn. Mer mole mat Naturfaarwen, leeë Mosaicker a Mandalae, baue Skulpturen an nach viles méi.

De Bësch freet sech schonn op är Konschtwierker an Iddien.



Leem-Atelier

Cycle	1.1	3.1
	Abrëll bis Oktober	
	Mirador-Mataarbechter	




De Buedem schenkt eis net nëmmen lesse mee och e wonnerbaart Baumaterial, de Leem. Bei deem heiten Atelier beschäftege mer eis mat dësem Naturmaterial. Mir mätsche kräfteg, molen, schaffe mat eisen Hänn a Féiss an entwëckelen niewebäi eng gesond Bezéiung zum Buedem a verbesseren eis Grob- a Feinmotorik. Ofhängeg vum Cycle entstinn hei Bamgeeschter, Leemskulpturen, Schuelen, Leemmolereien an nach vill aner flott Saachen.





Natur erliewen



© Mireille Feldtrauer

D'Kaweechelchen



Cycle

1.1

3.1



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

D'Kaweechelchen ass e flénke Klooterkënschtler, säi Kierper ass perfekt un d'Liewen uewen an de Beem ugepasst. Zesumme gi mer op Entdeckungsrees vum Kaweechelchen. Mat flotte Spiller léiere mer säi Verhalen, Liewensraum a seng wichteg Roll am Ökosystem kennen a wäerten och Spueren an Hiweiser op seng Präsens fannen.

D'Fliedermais



Cycle

2.1

4.2



Mäerz bis Oktober



Mirador-Mataarbechter

Wéi geséit eng Fledermaus aus? Wou schléift se? Wat ässt se? Op dës an nach vill aner Froe wäerte mir während der Aktivitéit eng Äntwert fannen. Mat Hëllef vu Spiller wäerte mer d'Fledermaus, hier Liewensweis an hier Roll an der Natur besser kenneléieren, mir léieren och selwer wéi een sech un d'Däischtert upasst. Natierlech besiche mir d'Fliedermais och an hirem Summerquartéier. Ofhängeg vum Cycle gëtt mam Mikroskop geschafft.



De Kéiseker



Cycle	1.1  3.1
	Ganzjäreg
	Mirador-Mataarbechter

De Kéiseker ass en typesche Bewunner vun eise Gäert. Duerch seng lessgewunnechten ass hie ganz nützlich an och gär gesinn. Leider geet säi Bestand erof. Ganz spilleresch léiere mir de Kéiseker a seng Liewensweis kennen. Mer gi gewuer wou en leeft, wat en ësst a wat en am Wanter mécht. D'Kanner kréien och puer Iddien fir hir Eltere mat op de Wee wéi doheem de Gaart méi kéisekerfrëndlech gemaach ka ginn.

D'Welt vun de Spannen an Insekten



Cycle	 2.1 4.2
	Mee bis Juli
	Mirador-Mataarbechter



Duerch de groussen Insekteverloscht ass dës Aktivitéit ganz aktuell. 2/3 vun allen Déieren op der Äerd sinn Insekten a Spannen. Se si ganz nützlich an hunn eng immens wichteg Roll an eisem Ökosystem. Mer léieren dës kleng Déieren an hir grouss Welt vu méi no kennen, mat Lupp an Äifer maachen mer eis op Insektesafari.

Éier ech mat de Wöllef huerelen



Cycle	 2.2 4.2
	Ganzjäreg
	Mirador-Mataarbechter

Viru méi wéi 100 Joer ass de Wöllef hei zu Lëtzebuerg ausgerott ginn. Elo ass an awer nees zeréck an dat ass och gutt esou. Wéi geféierlech ass de Wöllef fir Mënsch an Déier? Wéien Afloss huet hien op déi natierlech Narungsketten? Unhand vu Geschichten a Rollespiller sollen d'Virurteeler géigeniwwer dësem Raiber ofgebaut ginn. Wann ee bis dem Wöllef seng Liewensweis kennegeléiert huet gesinn d'Kanner Gefor vum Wöllef vill méi sachlech an d'Akzeptanz vun dësem fantasteschen Déier gëtt gestärkt.

A close-up photograph of a green frog with dark spots, sitting in a pond. The pond is filled with numerous white water lilies with yellow centers. The frog is positioned in the center of the frame, partially submerged in the water. The background is a dense field of these flowers, creating a soft, out-of-focus effect. The lighting is bright, suggesting a sunny day.

NEI

Fir dës Aktivitéit musst der Stiwwelen an Ersatzstrëmp apaken.



Neozoen an Neophyten

(Monitoring a Kartographie)

NEI

Ween sinn dës invasiv Déieren- a Planzenaarten? Vu wou kommen se? Wéi sinn se heihi komm? Wéi a firwat verbreedten se sech esou séier? Wat kann een dogéint maachen? Op all dës Froen fanne mir eng Äntwert. No der Aféierung gi mir zesummen op den Terrain wou mer eis op d'Sich no dësen Aarte maachen. Mat Hëllef vun Topographesche Karte Kompass a GPS huele mer hir Positiounen op. Esou kënn dir eppes iwwert Monitoring a Kartographie gewuer ginn a gläichzäiteg och nach eppes fir den Ëmweltschutz maachen.

Cycle

4.1 4.2



Mee bis Oktober



Mirador-Mataarbechter



Am Aklang mat der Natur

NEI

Dës Aktivitéit bréngt eis der Natur nees méi no, mir kucke mat Hëllef vun eise Sënner a Bewegungen dobaussen an en Aklang mat hier ze kommen. An enger entspaanter Atmosphär konzentréiere mer eis op eis Ëmgéigend an huelen d'Natur esou an eis op, si hëlleft eis nees méi roueg a geloossen ze ginn.

Cycle

1.1 4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter



De Biber

NEI



Cycle

2.1

4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

Endlech ass de Biber nees do. Nodeems en am 19. Joerhonnert ausgerott ginn ass, huet hie säi Wee 2008 nees op Lëtzebuerg fonnt. Bei dëser Aktivitéit léiere mer dëst faszinant Déier méi genau kennen. Mer gi gewuer wou e leeft a wat en esst. Firwat en esou gutt Zänn braucht a wisou säi Schwanz platt ass. Mat Hëllef vu Spiller fanne mer selwer eraus wéi hien sech duerch d'holz bäisst a wéi de Biber säin Damm baut a firwat? Zesumme maache mer eis och nach op Spueresich vun dësem pelzege Kollege.





Bësch



De Bësch an de Joreszäite mat alle Sënner erliewen

Cycle

1.1

4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter



Am Bësch gëtt et zu all Joreszäit spannend Saachen ze erliewen. Sief dat d'Fréijoer mam Erwäche vun der Natur an den neigebuerenen Déieren, de Summer mat senge Blumen an Insekten, den Hierscht mam Verfierwe vun de Blieder an de ganze Champignonen oder de Wanter wou d'Natur rascht an den Déieren déi sech un d'Keelt mussen upassen. Am Spill léiere mer dat alles mat all eise Sënner kennen.



Mäi Frënd de Bam



Cycle

1.2

4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

Wéi al ass e Bam a wéi al kann e ginn? Wéi ootme Beem? Wéi eng verschidde Beem ginn et hei? Wéi kann een se ënnerscheeden? Firwat si Beem esou wichteg fir eis? Kënne Beem matenee schwätzen?

Op all dës Froen an nach vill anerer fanne mir bei dëser Aktivitéit eng Äntwert. Mir léieren d'Beem mat all hire Funktiounen besser kennen a schätzen.

De liewegen Herbarium



NEI

Cycle

2.2


4.2



Abrëll bis September



Mirador-Mataarbechter



Zesumme mat engem Guide gi mer duerch a ronderëm de Schoulhaff a léiere verschidde Planze kennen. Mat Hëllef vun eise Bestëmmungsbücher fanne mer d'Nimm an d'Infoen iwwert Planzen eraus. Mer maache kleng Schëlde déi mer dobäi stellen. Wann de Guide nees fort ass, kann d'Klass selwer am Laf vum Schouljoer Planze weider beobachten a matkréie wéi sech Planz am Laf vun hirem Zyklus verännert an dëst dokumentéieren.

Bëschmathematik



NEI

Cycle

2.1

4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

Vill Deelgebidders aus der Mathematik kënnen fir d'Schüler mat Hëllef vu praktesche Beispiller am Bësch méi verständlech gemaach ginn. D'Altersbestëmmung vu Beem, d'Berechnung vun Ëmfang an Duerchmiesser vu Kreesser, Symmetrie, Vermoossen a Berechnen vu Fläche si just puer Beispiller. Jee no Cycle passe mer dës Aktivitéit am Virfeld mam Léierpersonal un.



Mënsch & Natur



© CNF Mirador

Survival Atelier (Ganzen Dag)



Cycle



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

Féier ufänken ouni Fixspoun a Briquet, eng Schutzhütt selwer bauen, Spuere liesen, sech orientéieren, Wëllplanze kenne léieren an nach viles méi. Een Dag laang d'Natur anescht erséien an als Klass gemeinsam Aufgabe léisen. D'Abenteuer waart schonn op iech.

lessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat d'äerf knaschteg ginn, matbréngen.



Vum Kär zum Brout



Cycle

1.1

3.1



Abrëll bis Oktober



Mirador-Mataarbechter

Fir dës Aktivitéit muss d'Schoulklass 10€ matbrénge fir d'Onkäschte vum Guide. Merci



De Buedem schenkt eis d'Kar dat mer iessen. An der Evolutioun vum Mënsch hunn dës Kären dozou gefouert dass mer sesshaft gi sinn, duerch d'Kreativitéit an d'Intelligenz vun eis Mënschen hu mer dorausser Brout gemaach. Bei dëser Aktivitéit kucke mer zeréck op d'Geschicht vum Brout, léiere verschidde Kärenzorten an de Prozess wéi aus Käre Brout entsteet kennen.

Dono gëtt iwwert engem Lagerfeier selwer Brout gebak. Gudden Appetit!



Industriegeschicht a wéi d'Natur sech nees verbreet huet

NEI



Cycle

3.1

4.2



Ganzjäreg



Mirador-Mataarbechter

Am Laf vun der Geschicht huet de Mënsch ganz Landschaftsbiller duerch Industrië verännert. Soubal déi awer net méi genotzt ginn hält d'Natur sech hirer nees ganz séier un. Bei dëser spannender Aktivitéit gi mir op Spueresich vun der aler Industrie, a wäerte vill Maueren a Gebaier, Schinnen an Tunnellen, komesch Fielsformatiounen a nach viles méi entdecken. Mer gesi wéi et Fréier ausgesinn huet a wéi d'Natur sech nees verbreet a vun de Flechten a Moose bis hin zu engem Bësch entwéckelt huet.



Bushcraften mat Messer a Schnouer

NEI

Cycle



Abrëll bis Oktober



Mirador-Mataarbechter



© CNF Mirador

Bei dëser Aktivitéit entdecke mer de Mac Gyver an eis. Mer léieren hei wéi een sech ganz einfach an der Natur ka vill nützlech Saache bauen ouni vill Material. Vum Besteck, iwwert Schossele bis zum Stull, der Hängematt an enger Hütt kënnen mer eis alles selwer herstellen. An dofir brauche mir just en Täschemesser an eng Schnouer.



© CNF Mirador

Matschaffen am Naturschutz (Ganzen Dag)

NEI

Cycle



Mäerz bis November



Mirador-Mataarbechter



© CNF Mirador

Mer schaffen zesummen an eisem Naturschutzgebitt, ofhängeg vun der Saison fallen hei verschidden Aarbechten un wou der kënn mat hëllefen, eis Biodiversitéit ze erhalen an ze verbessern. Dëst duerch Planzaktiounen, Benjeshecken opriichten, un Dréchemaure schaffen an invasiv Aarten ënner Kontroll halen. Allez hopp Schaffhändschen undoen a lass leeën.


lessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.



Cycle	
	Ganzjährig
	Mirador-Mataarbechter

lessen, Gedrénks, fest Schong a Gezei, dat däerf knaschteg ginn, matbréngen.

Cycle	1.2	4.2
	Ganzjährig	
	Mirador-Mataarbechter	



Cycle	1.1	4.2
	Ganzjährig	
	Mirador-Mataarbechter	

